



Dépôt: CLEMENT Sven

Budgetsdebatt zu den Projet de loi 8080 an 8081

Lëtzebuerg, den 14/12/2022




## Motioun

### D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- D'EU Kommissioun an hirem "2022 Rule of Law Report" Lëtzebuerg opriff fir "*Continue with the process to adopt the reform on making legal aid more accessible*";
- dass d'Recht op eng Assistance judiciaire mam Projet de loi n°7959 soll reforméiert ginn, dëse Projet sech awer net op de Schutz vu Mënscherechter a Rechtsstaatlechkeet am Allgemenge fokusséiert;
- Dass Passerell ouni privat Ënnerstëtzung hätt am Summer dëst Joer seng Aktivitéite misste komplett astellen. D'Organisatioun huet awer trotz privatem an ëffentlechen Hëllef missten hir Aktivitéite staark reduzéieren;
- Dass 20 Organisatiounen an eng Réi aner Acteuren den 3ten August ee Bréif un d'Regierung adresséiert hunn, fir méi ëffentlech Ënnerstëtzung fir ONGen am Beräich vu de Mënscherechter.

### Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. E Fond de subside opstelle fir Asblen am Beräich Rechtsstaatlechkeet a Mënscherechter.

  
S. CLEMENT

